n° 3714

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 09:54, 25/02/2021

Lëtzebuerg, den 25/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

All Employé(e) a Beamt(in) aus der Fonction publique étatique oder communale huet d'Recht, sech an engem Fall vun Harcèlement un de Service psychosocial ze wenden, fir hei Hëllef ze kréien. D'Zil vun engem Rendezvous beim Service psychosocial vun der Fonction Publique soll et sinn, déi betraffe Persoune iwwert d'Schutzméiglechkeeten an déi domat verbonne Prozeduren opzeklären an hinnen e Soutien psychologique ze bidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bei wéi enge Formen vun Harcèlement kann ee vum Service psychosocial Hëllef kréien?
2. Wéi gëtt no engem éischte Kontakt mam Service psychosocial bei de verschiddene Formen vun Harcèlement ermëttelt, op tatsächlech e Fall vu Belästegung oder Mobbing virleit?
3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Prozeduren, déi enger betraffener Persoun an engem Fall vun Harcèlement opstinn, sämtlech Formen vun Harcèlement oofdecken an een emfaassenden Schutz fir d'Aarbechter bidden?
4. Wat geschitt, wann d'Virléie vu Mobbing oder Belästegung am Laf vun de Prozeduren net bestätegt ka ginn, déi betraffe Persoun awer weiderhin ugëtt, staark dorënner ze leiden, op hirer Aarbeschtplaz engem Harcèlement ausgesat ze sinn?
5. Ginn et och Ënnerstëtzungsméiglechkeete fir Persounen, déi uginn ënnert engem Harcèlement ze leiden, obwuel d'Virléie vu Mobbing oder Belästegung vu staatlecher Säit aus net bestätegt konnt ginn?
6. Wéi vill Persounen hu sech mam Wonsch no Ënnerstëtzung an enger Situatioun vun Harcèlement säit 2013 pro Joer beim Service Psychosocial gemellt?
   A wéi ville Fäll konnt, eemol d'Prozeduren an d'Lafe bruecht, tatsächlech e Fall vun Harcèlement détectéiert ginn?
7. Wéi reagéiert d'Regierung, wa si direkt vun enger betraffener Persoun iwwert e Fall vun

Harcèlement informéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 25 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3714 du 25.02.2021 de Monsieur le Député Sven Clement - Service psychosocial de la Fonction publique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés